# De Louis



De Schierener Buet

N° 05 Abrëll 2002

De Schierener Buet

N° 05 Abrëll 2002

# Titelphoto

Zënter 1957 bauen d'Schierener Pompjeeën d'Buerg. An dene Deeg virum Buergsonndeg gin d'Pompjeeën duerch d'Duerf ophiewen an op Buergsonndeg gëtt dann am Pompjeesbau lerzebulli zerwéiert. Owes um 20 Auer, gin d'Sirenen am ganzen Duerf, ee Fredefeier gëtt geschoss an d'Buerg gëtt vum Eierebuergermeeschter Gust Goerens an dem Buergermeschter Jos Lutgen ugefaangen. D'Jugendpompjeeë bauen och hir kleng Buerg, déi vun hinnen ugestach gëtt. (Photo: Jos Nerancic)

## Redaktioun an Zesummensetzung
Guy Berwick, Mil Goerens, Jos Nerancic, Camille Pletschette, André Schmit.

### Entworf vum Deckel
Camille Schaul

### Fir d'Fotoen soen mir villmols Merci dem:
Jos Nerancic, Luc Schumacher, Carlo Thill, Camille Schaul an de Veräiner.

### Drock
Imprimerie de Gasperich s.à r.l., Schieren
Z.I. rue de la Gare, 19

### Oplo
600

### Präiss
Eenzelnummer 3 €, Abonnement 12 €.
*Durch Einzahlung von 12 € pro Teilnehmer auf das Konto CCP 5199-58 bei der Post unter dem Kennwort"DeLouis" und der Angabe von Namen und Adresse.*

De Schäfferot iwwerhëllt d'Responsabilitéit vun den Artikelen.
e-mail: de.louis@gmx.net

# An dëser Nummer

Conseil communal de Schieren ..... 1-3
Le secrétaire communal ..... 3-5
Een Aussiichtsturm zu Schieren ..... 5
Krichserënneronge vum Jeng Meyrath ..... 6-10
"Hëllef fir Polen" ..... 10
"Liewen Dobaussen" a.s.b.l. ..... 11
Turnverain Schieren ..... 12
Amiperas Schieren ..... 13
Wat gëtt et Neies bei der Chorale Caecilia ..... 14-15
Galaconcert vun der Schierener Musek ..... 15
Gemeinschaftsantenn ..... 16
Fraen an Mammen ..... 17
Gaart an Heem Schieren ..... 18
Jugendtreff mat de Jugendpompjeeën vu Nussbaum (D) ..... 18
Buergbrennen ..... 19
Indiaca ..... 20
Theaterfrënn Schieren ..... 21
Chrëschtbeemerchersammelen mat der Jugend ..... 21
Der "Late-Night-Bus" ..... 22
Valorlux - Le recyclage des déchets d'emballages ..... 23
D'Schoulklasse stelle sech vir ..... 24-25
Juppiiiiii - d'Schoul brennt ..... 26
Neies vun den Massendenger ..... 27
Moien Buet Louis am Neie Joer ..... 27
Mir Spillen Theater!! ..... 28
Schierener Manifestationskalenner fir Abrëll, Mee an Juni

# CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

*Séance du 27.02.2002*

Présents:
MM Jos Lutgen, bourgmestre - Joseph Zeimes, André Schmit, échevins – M. Antoine Nickels, Mme Juliette Kemp-Weber, MM Marc Schmitz, Camille Pletschette, Patrick Berwick, Jean Mons, conseillers, Camille Schaul, secrétaire communal

### 1. Approbation définitive: Projet d'aménagement particulier à Schieren rue de la Gare (Commerce Putz)

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg fir den Deelbebauungsplang an der Rue de la Gare ze approuvéieren. Den Dossier war vun der Firma Putz virgeluecht gin, an betrëfft ausschléisslech hiren Terrain. Dëse Lotissements-Projet war an där leschter Sitzung ënner gewëssen Konditiounen provisorisch genehmigt gin.
*Le conseil communal approuve définitivement le projet d'aménagement particulier introduit par l'entreprise Putz concernant des fonds sis à Schieren rue de la Gare. Le projet dont question a été approuvé provisoirement par le conseil communal en sa dernière séance.*

### 2. Office Social: Renouvellement d'un cinquième mandat du conseil administratif

Turnusgeméiss muss all Joer ee Member aus dem Bureau vum Office Social ausscheeden. Dëst Joër war den Häer Claude Graff un der Rei. Et war och hien, deen di eenzeg Kandidatur gestallt hat, an deen iwwer Geheimbeschloss eestëmmeg vum Konsell an séngem Amt fir weider 5 Joër bestätegt gouf.
*La loi organique sur les offices sociaux prévoit que le bureau doit se renouveler d'année en année. Le membre sortant pour l'an 2002 était M. Claude Graff. Le conseil communal a renouvelé son mandat pour un terme de 5 années après vote secret.*

### 3. Office Social: Compte exercice 2000

Den Gemengerot approuvéiert eestëmmig den Kont vum Office Social aus dem Exercice 2000:
*Le conseil communal approuve à l'unanimité des voix le compte de l'Office Social communal pour l'exercice 2000:*

| | |
|---|---|
| Boni 1999 | 273.047 LUF |
| Recettes 2000 | 814.552 LUF |
| Dépenses 2000 | 844.792 LUF |
| Résultat 2000 | 242.807 LUF |

### 4. Finances communales: Compte exercice 1999

D'Joëresofrechnung besteht aus zwee Voletën: dem compte de gestion, an deem de Receveur de finanzielle Bilan vum Exercice mecht, an de compte administratif an deem de Schefferot Rechenschaft iwwert säin politescht Wierken ofleet. Aert de Gemengerot däerf iwwert den jeweilige Kont befannen, musse sämtlich Pièeen vum Ministère de l'Intérieur kontrolléiert sin. De Schefferot huet dem Konsell de ganzen Dossier virgeluecht an de Konsell huet schliesslech de gesamte Kont eestëmmeg ugeholl:
*Le compte général de la commune se scinde en deux volets séparés et dont les résultats doivent être absolument identiques: le compte de gestion purement financier dressé par le receveur communal et le compte administratif par lequel le collège échevinal fait état de son activité politique. Avant que le conseil communal ne puisse se prononcer, le compte a été contrôlé par le Ministère de l'Intérieur. Le collège échevinal avait soumis le dossier dûment contrôlé au vote du conseil communal, qui l'a finalement arrêté à l'unanimité des voix:*

| | |
|---|---|
| Boni reporté 1998 | 26.835.293 |
| Recettes ordinaires | 98.724.626 |
| Recettes extraordinaires | 16.735.714 |
| Recettes - TOTAL | 142.295.633 |
| Dépenses ordinaires | 66.883.747 |
| Dépenses extraordinaires | 34.728.302 |
| Dépenses - TOTAL | 101.612.049 |
| Boni final | 40.683.684 |



**5. Approbation de décomptes de travaux extraordinaires**

Am Kader vun der Genehmigung vum Gemengekont huet de Gemengerot verschidden Décompten vun aussergewéinlechen Arbechten genehmigt:

*Dans le cadre de l'approbation du compte communal, le conseil communal a arrêté plusieurs décomptes de travaux extraordinaires:*

| ***exercices*** | ***Libellé*** | ***décompte*** |
|---|---|---|
| 1992 | Voie carrossable en zone industrielle à Schieren | 287.172 LUF |
| 1993 | Nouvelle infrastructure à Schieren rue du canal | 650.728 LUF |
| 1994-1999 | Renouvellement de la conduite d'eau dans la route de Luxembourg à Schieren | 6.078.624 LUF |
| 1994-2000 | Réaménagement de la route de Luxembourg E421 dans la traversée de Schieren | 21.117.618 LUF |
| 1994 | Réaménagement des aires de stationnement aux terrains FC et TC à Schieren | 864.767 LUF |
| 1994 | Rechargement et pénétration du chemin rural „Am Ewenzige Bierg" à Schieren | 1.123.335 LUF |
| 1994 | Participation communale aux travaux d'équipement du réseau P&T à Schieren | 1.732.022 LUF |
| 1995-1996 | Empierrement et pénétration de chemins ruraux dans la commune de Schieren | 756.426 LUF |
| 1994-1999 | Renouvellement du chauffage en école primaire de Schieren | 4.878.976 LUF |
| 1996 | Prolongation du réseau de conduite d'eau à Schieren entre la rte de Stegen et la rue du X Septembre | 493.239LUF |
| 1998 | Entretien ordinaire sur la voirie rurale communale (divers) | 818.459 LUF |
| 1998 | Entretien ordinaire sur la voirie rurale communale (goudronnage) | 109.770 LUF |

**6. Approbation d'un compromis de vente: Commune de Schieren - S.A. ROBIN**

An där leschter Sitzung hat de Gemengerot de Schefferot beoptragt fir mam Propiétaire vum der fréierer Schreinerei Nikkels en Arrangement fir de Kaaf ze fannen. De Schefferot hat die responsabel Vertrieder vun der Firma Robin agelueden an war sech mat hinnen fir e Präis vun 564.180 Euro (22.759.000 LUF) eens gin. D'Gebei selwer verbrauch eng Grondfläch vun 4,78 Ar, während den restlechen Terrain nach 16, 11 Ar ausmachen. De Konsell war eestëmmeg mat dësem Compromis d'accord.
*En application d'une décision du conseil communal du 14.12.2001 le collège échevinal a conclu un compromis d'achat avec le propriétaire de l'immeuble sis au numéro 70 de la route de Luxembourg à Schieren pour le prix de 564.180 euros. (22.759.000 LUF). Le bâtiment de l'ancienne menuiserie Nickels a une emprise au sol de 4,78 ares tandis que le terrain restant a une superficie de 16,11 ares. Le conseil communal a marqué son accord unanime au compromis ainsi conclu.*

**7. Supplément de pension aux ouvriers communaux**

De Gemengerot beschléisst dëse Punkt op eng spéider Sitzung ze vertagen, well nach verschidden rechtlech Aspekter vum Dossier musse gepréift gin.
*Le conseil communal décide de reporter ce point à un ordre de jour d'une séance ultérieure, étant donné que divers dispositifs légaux doivent être mis au point.*

**8. Fixation des nuits blanches générales pour l'année 2002**

De Gemengerot hällt die verschidden Datumer fest zu deenen an der Schierener Gemeng eng generell fräi Nuecht akkordéiert get: Kirmes-Samsdeg-Sonndeg an Méindeg. Den Virowend vun Nationalfeierdag, Nationalfeierdag an d'Nuecht vu Sylvester
*Le conseil communal arrête unanimement le relevé des dates pour lesquelles une nuit blanche est accordée à titre général sur le territoire de la commune de Schieren: les samedi, dimanche et lundi de kermesse, la veille de la fête nationale, le jour de la fête nationale et la nuit de St Sylvestre.*

**9. Nomination d'une chargée de direction d'une classe d'enseignement primaire**

Am Juli war d'Joffer Sonjà Fetler als Titulaire vun der zweeter Klass vum zweete Schouljoër an der Primärschoul fir ee Schouljoër agestallt gin. Well d'Joffer Fetler awer eng aner Funktioun an der Ettelbrécker Gemeng ugetrueden ass, gët sie fir de Rescht vum Joër duerch d'Joffer Danielle Nickels vu Schrondweiler ersaat. De Konsell huet dës Nominatioun eestëmmeg an geheimem Vote virgeholl.
*En juillet 2001 le conseil communal avait nommé Madame Sonja Fetler au poste de chargée de cours pour la deuxième classe en seconde année d'études de l'enseignement primaire à Schieren. Attendu que Madame Fetler a accepté une autre fonction dans la commune d'Ettelbruck, le conseil communal l'a remplacée par Mademoiselle Danielle Nickels de Schrondweiler. La décision a été prise unanimement et par le biais du vote secret. Mademoiselle Nickels est engagée jusqu'à la fin de l'année scolaire 2001/02.*

### 10. Approbation de contrats de louage de service

Den Zäitkontrakt vun der Madame Claudine Schmitz als chargée de cours an der Spillschoul as vun enger ganzer Tâche an eng Tâche vun 20 Schoulstonne pro Woch ëmgewandelt gin. Sou ka si vum 15 Februar bis zum Enn vum Schouljoër de congé parental vun der Madame Piaia assuréieren.Die restlech 6 Wochestonnen gin vun der Madame Diane Dansart gehalen.

Den Kontrakt vun der Joffer Nadine Lanners als Educatrice vum Précoce as zesummen mat hirer Carrière deenen neien Dispositiounen vum Statut vum employé communal ugepasst gin.

*Le contrat à durée déterminée de Madame Claudine Schmitz en tant que chargée de cours en éducation préscolaire a été ramené d'une tâche entière à une tâche de 20 leçons scolaires hebdomadaires à partir du 15 février 2002 jusqu'à la fin de l'année scolaire. Cette solution permettra d'assurer les leçons tombées en souffrance par le congé parental accordé à Madame Piaia. Les 6 leçons hebdomadaires restantes seront assurées par Madame Diane Dansart.*

*Le conseil communal décide d'ajuster le contrat de travail et la carrière de Mademoiselle Nadine Lanners, éducatrice en éducation précoce, aux nouvelles dispositions du statut de l'employé communal.*

### 11. Approbation de déclarations de recette - exercice 2001

De Gemengerot ënnerschreiwt Recetten an Héicht vun LUF 85.806.499 aus dem Rechnungsjoër 2001

*Le conseil communal signe des déclarations de recette au montant de LUF 85.806.499 et relatifs à l'exercice comptable 2001*

### 12. Confirmation d'un règlement de circulation temporaire

Esou wéi d'Gesetz iwwert den effentlechen Transport et virgesäit kann de Schäfferot Dringlichkeetsreglementer huelen, wann d'Verkéierssécherheet domadder garantéiert as. De Gemengerot muss esou Reglementer awer an sénger nächster effentlicher Sitzung confirméieren. Dat war de Fall fir dat Reglement, wat an der Rue de la Gare während der Dauer vun den Arbechten zielt

*Le conseil communal confirme un règlement de circulation temporaire édité par le collège échevinal dans le cadre des travaux d'aménagement de la rue de la gare. Cette mesure trouve sa base légale dans la loi concernant la réglementation de la circulation qui dispose que tout règlement de circulation temporaire doit être confirmé par le conseil communal.*

# LE SECRETAIRE COMMUNAL

Après avoir présenté les mandataires politiques locaux dans les éditions antérieures, nous allons enchaîner avec le personnel communal, à commencer par le secrétaire communal.

### A) Extrait de la loi communale du 13 décembre 1988

**Chapitre 8. - De certains fonctionnaires communaux**


**Art. 86.** Les conditions d'admission, de promotion, de démission, de rémunération ainsi que les droits et devoirs des fonctionnaires et employés communaux sont déterminés par la loi et, dans les limites de la loi, par des délibérations du conseil communal dûment approuvées par le Ministre de l'Intérieur.

**Section 1ᵉʳ. - *Du secrétaire communal***

**Art. 87.** Il y a dans chaque commune un secrétaire.
**Art. 88.** Deux ou trois communes, dont la population réunie ne dépasse pas 2.500 habitants, peuvent être autorisées par le ministre de l'Intérieur à avoir un secrétaire en commun, occupé à plein temps.
Les décisions relatives aux nominations provisoire et définitive, à la démission, aux peines disciplinaires, sauf l'avertissement et la réprimande, à la réglementation du service, à la part de chaque commune dans la rémunération du secrétaire commun sont prises conformément aux articles 19 et 32 à 34 de la présente loi par les conseils communaux des communes concernées, réunis sous la présidence du commissaire de district et votant séparément.
Si le candidat est déjà en possession d'une nomination provisoire ou définitive dans l'une des communes concernées, la nouvelle nomination lui sera conférée uniquement par le conseil communal des autres communes.
Dans les cas où les communes sont situées dans des districts différents, la réunion est présidée par le commissaire du district dans lequel est située la commune ayant la population la plus nombreuse.
Les décisions afférentes sont sujettes à l'approbation du ministre de l'Intérieur.
Le secrétaire en commun prête serment entre les mains du commissaire de district qui a présidé l'assemblée des communes.
Le service du secrétaire en commun est contrôlé par les collèges des bourgmestre et échevins des communes intéressées.
**Art. 89.** Dans les communes de plus de 5.000 habitants, le conseil communal peut adjoindre au secrétaire un fonctionnaire auquel il est donné le titre de secrétaire adjoint.
Pour l'admission à l'emploi ce fonctionnaire doit remplir les mêmes conditions d'études, d'admissibilité, d'admission définitive et de stage que le secrétaire.

Le secrétaire adjoint est subordonné au secrétaire communal qu'il aide et assiste. Il le remplace en cas de maladie, absence ou autre empêchement. Sa signature est précédée de la mention: «Pour le secrétaire empêché, le secrétaire adjoint».
Le secrétaire adjoint peut, en outre, sous l'approbation du ministre de l'Intérieur, être chargé par le collège des bourgmestre et échevins de remplir une partie déterminée des fonctions que la loi attribue au secrétaire. Les signatures données en cette qualité sont précédées de la mention: «Le secrétaire adjoint délégué».
En cas de démission, de révocation ou de décès du secrétaire, ses fonctions sont remplies par l'adjoint jusqu'à ce qu'il ait été procédé à l'installation d'un nouveau secrétaire.
**Art. 90.** En cas d'empêchement momentané du secrétaire, le collège des bourgmestre et échevins pourvoit à son remplacement.
En cas d'empêchement de longue durée du secrétaire ou de vacance de son poste, un remplaçant est désigné par le conseil communal, sous l'approbation du ministre de l'Intérieur.
Dans tous les cas, la durée du remplacement peut être limitée par le ministre de l'Intérieur.
**Art. 91.** Outre les obligations résultant des articles 26, 53 et 69 le secrétaire est chargé, en général, de la correspondance et des écritures de la commune, en prêtant assistance au conseil communal, au collège des bourgmestre et échevins et au bourgmestre.

Voilà le dispositif légal tel qu'il est ancré dans la loi communale du 13.12.1988 concernant la fonction du secrétaire de commune. La loi se borne en effet à disposer qu'outre les obligations résultant des articles 26 et 53 (rédaction des délibérations du conseil communal et du collège échevinal) et 69 ( écritures des actes de l'état civil) les secrétaire est chargé, en général, de la correspondance et des écritures de la commune, en prêtant assistance au conseil communal, au collège échevinal et au bourgmestre. En plus en son article 74 elle dispose que le secrétaire communal contresigne les règlements, arrêts, publications et la correspondance. La loi définit donc d'une façon incomplète les missions du secrétaire communal. Les attributions rentrent dans un éventail bien plus large:
Il est spécialement chargé des procès-verbaux des séances et partant de la tenue des registres aux délibérations
Il prépare les séances du conseil communal tout en tâchant de dresser des dossiers des plus complets et étayés par toutes les pièces officielles et légales permettant aux édiles locaux de prendre des décisions bien fondées.
Il prépare les règlements communaux et le projet de budget communal servant de base de discussion aux élus locaux.
Dans la comptabilité bicamérale bien spécifique aux communes, il tient les pièces comptables du compte administratif du collège échevinal. Ainsi il prépare tous les paiements de factures en respectant les limites budgétaires imposées.
Il prépare tous les actes de l'état civil et organise le bureau de population qui est sous sa responsabilité.
Il prépare l'organisation scolaire et est l'interlocuteur des enseignants et de l'inspecteur d'école dans toutes les questions concernant cette organisation.
Il calcule les carrières du personnel communal et est l'interlocuteur du personnel communal dans tous les problèmes pouvant résulter du chef de l'emploi.
Il prépare les dossiers de soumission et doit toujours être au courant du suivi des travaux sur le territoire communal.
Cette liste ne saurait être exhaustive, le travail du secrétaire communal ne se borne pas à ses attributions strictement légales. Il est indispensable qu'il se tient constamment au courant des fluctuations de la législation et de la jurisprudence, tant administrative que judiciaire, car il est peu de lois, règlements, arrêtés ou instructions ministérielles qui n'imposent une besogne aux administrations communales et n'appellent, dès lors, l'attention du secrétaire, qui doit les étudier et concourir à leur application. Spécialement dans les communes rurales, le secrétaire conserve les traditions de l'administration locale et lui communique cet esprit de suite.




▲ **Camille Schaul** est né le 29.11.1961 et vit avec son épouse et ses trois enfants dans le village de Merscheid. Il est entré dans les fonctions du secrétaire communal au 01.02.1984 sous le bourgmestre Auguste Goerens. En plus il est le secrétaire de l'Office Social communal, de la commission des étrangers, ainsi que du syndicat de chasse de Schieren. A part ses activités au sein de nombreuses associations («eemol Sekretär – ëmmer Sekretär») il est passionné de la photographie. Après sa carrière en tant qu'actif du football-club de Schieren, pour lequel il a disputé 220 matches entre 1981 et 1992, ses activités sportives se limitent dès à présent aux randonnées VTT et à la pratique du Badminton.

Depuis la création de la commune de Schieren en année 1850, onze secrétaires communaux étaient en fonction à savoir:

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1. | MALLINGER Jean-Baptiste | 1850 | 1863 |
| 2. | ATTEN Joseph | 1863 | 1880 |
| 3. | OSWALD Johann | 1880 | 1885 |
| 4. | SERRES Anton | 1886 | 1889 |
| 5. | REDING Heinrich | 1890 | 1891 |
| 6. | WEBER Johann | 1891 | 1931 |
| 7. | STIRN Nicolas | 1932 | 1965 |
| 8. | KUGNER Adolphe | 1966 | 1968 |
| 9. | KOCH Franz | 1968 | provisoire |
| 10. | MOUREAUD Léon | 1968 | 1983 |
| 11. | SCHAUL Camille | 1984 | |

Sur la photo d'en bas les trois derniers secrétaires à nomination définitive sont réunis: C.Schaul, A. Kugner et L. Moureaud.





Cette photo montre Nicolas Stirn qui fût secrétaire communal de 1932 à 1965.

# EEN AUSSIICHTSTUERM ZU SCHIEREN

*Wahrscheinlech vill Leit zu Schieren wäerten nët wëssen, datt mir och esou eppes zu Schieren hun.*




Di nei Feld a Weekommissioun, déi den 10. Februar 2000 vum Gemengerot gestëmmt gouf, hat gläich an hirer éischter Sëtzung den 9. Mäerz 2000 dëse Projet an d'Aa gefaasst. Nodeem ee vun de Gemengenautoritéite guddgeheescht gin ass, goufen d'Pläng an d'Aarbechten vun den Aarbechtslose vum „Forum pour l'emploi" gemeet. D'Viraarbechte sinn am Atelier gemaach gin, an den Tuerm gouf dunn am Hierscht 2001 opgericht.



Bei schéinem Wieder huet ee vun hei nët nëmmen eng fantastesch Vue op Schieren, mä op d'ganz Géigend ronderëm, souguer d'Areler Knippchen ass vun hei ze gesinn.
Mir lueden all Bierger an, de Wee bis op Laangert (Trellsbam) an Ugrëff ze huelen......och wann ët sou manch Schweessdrëpps kascht.... mir si sëcher den Ausbléck entschiedegt duerfir.

PS: Hëlleft mat d'Natur propper ze halen a loosst kee Pabeier, Fläschen asw. do leien. D'Natur a mir soe Merci

D'Feld- a Weekommissioun

# Krichserënneronge vum Jeng Meyrath

Am Hierscht 1941 ass den Joergang 1921 vu Schieren op Dikrech an d'Musterong fir den Arbeitsdienst geruff ginn. Dobei waren niewt dem Meyraths Jeng ënner anerem och nach den Reutesch Leo an den Essesch Néckel. Am Abrëll 1942 koum de Jeng du fir 6 Méint op Liersberg bei Tréier. Dat Lager huet bestan aus 12 Holzbaracken, an deenen 160 jonk Männer kasernéiert waren. Vun deenen 160 Leit war ongeféier d'Halschent Lëtzebuerger, mat deene selwechte Rechter a Flichte wéi di däitsch Jongen.

Déi eischt 6 Wochen gouf ët Drill ouni Ërënnerbreechong, ouni Ausgank an ouni Gewiir; als Gewiir huet e Spuet gedingt, an deen huet misse grad esou blëtzblank sinn wéi e Gewiir. Dem Jeng säin Trick duerfir: hien hat „Vim" vun doheem matgeholl an huet domat de Spuet an der Reih gehal. De Rescht vun der Zäit goufen déi 160 Leit agesat fir an deem Deel un der Befestegong vum Westwall matzehëllefen, mat Ausnahm vu Kach, Schouster a Schneider, déi am Lager geschafft hunn.



Zu Gonsenheim mam Jean Deckenbrunnen deen am Krich gefall ass



Départ zu Colmar fir op Gonsenheim (mat senger Schwester Alice)

De Westwall huet sech erstreckt laanscht d'Grenze vun Holland, Belsch, Lëtzebuerg a Frankräich; d'Aarbecht vun de jonge Männer war Bunkeren amenagéieren, Griew aushiewen, Kabele verleen, Panzersperren – och Igel genannt – opriichten. E puer Wierder nach zum Kascht: de Kaffi moies gouf an de Baracken gedronk, ët gouf Kommissbrout, Margarin, Kunsthonigersatz a Kaffiersatz. Well de Kaffi dat eenzecht waremt Waasser war, gouf deen och benotzt fir sech ze raséieren. D'Mëtteg- an d'Nuechtiessen goufen an enger grousser Kantin ageholl, an owes gouf ët zum Beispill Grützesuppe, Huewerflacken an och erëm Brout. Fleesch gouf ët just sonndes, an der Woch huet d'Mëttegiessen haaptsächlech aus Gromperen a Kabes bestan.

Di zweet Etapp ass am November 1942 ugaang mat der Musterong fir d'Wehrmacht, an den 30. November koum de Stellungsbefehl op deem een och konnt ukräizen op e wollt bei d'Infanterie, d'Kavallerie, d'Artillerie oder d'Luftwaffe goen.
Déi nächst Stëchdatumen waren dunn:

- **8. Dezember:**
Wehrmachtskasär Wackernheim (Mainz)

- **30. Januar:**
Schéissübung wou de Jeng mat 29 vu 36 Réng de Beschte vu senger Barack war, an dat gouf fir hien een Urlaubsschäin fir e Weekend.
Den Drill zu Wackernheim war folgendermoossen:
Di éischt 14 Deeg war Infanterieausbildong, duerno gouf ët Ausbildong un der 2cm Flak, an zwar moies Theorie, mëttes

Op- an Ofbau vum Geschëtz. Eng Flakekipp huet aus 6 Mann bestan:
- de Geschützführer huet de Kommando ginn
- Schütze 1 war um Viséier an um Ausléiser
- Schütze 2 war verantwortlech fir de Munitiounsasaatz
- Schütze 3 huet op engem Apparat d'Fluchrichtong an d'Entfernong vum Fliiger agestallt
- Schütze 4 huet d'Munitioun erbäibruecht
- de 6. Mann war den Entfernongsmiesser, dee seng Donnéeën un de Schütze 3 viru ginn huet.

• **7. Februar:**
Ëmzoch an d'Kathenkasär op Stube 113 zu Gonsenheim (och bei Mainz)

• **3. Mäerz:**
d'Kompanie gouf fir 4 Wochen an e Bëschgebitt op Kammwald bei Prag op eng Truppenübungsplaz verluecht, wou ët all Dag 30km Foussmarsch gouf

• **21. September:**
Ëmzoch op Datteln/Lippe an d'Gebitt vum Dortmund-Elmskanal, wou eng Kéier op een amerikanesche Fliiger geschoss gouf. Et gouf trainéiert fir d'Ofwiihr vun Déifflügeren, an all Dag war zweemol Fliigeralarm.

• **3. November:**
Ëmzoch op Paderborn, wou d'Marschkompanie nei agekleed gouf, wat op eng Ännerung higewisen huet.



*Zu Kammwald bei Prag*




*Zu Gonsenheim an der Kasäer*

Dunn ass déi drëtt Etapp ugaang mat folgenden Zwëschestatiounen:

• **26. November:**
um 4 Auer an der Nuecht Offahrt am Zuch mat onbekanntem Zil.

• **28. November:**
Ukonft zu Liegnitz a Schlesien, haut Legnica genannt, nit wäit vu Breslau ewech. All Zaldot huet hei 3 Fläsche Schnaps kritt, niewt deem normale Reesproviant, fir Courage ze maachen. An däer Uertschaft huet de Jeng owes 2 letzebuergesch Meedercher begéint; si hunn him virgeschloen deen aneren Owend rëmzekommen, si géifen him Zivilkleeder besuergen an hie verstoppen bis seng Kompanie fort wier. Leider ass aus dem Handel näischt ginn, well deen aneren Dag mëttes ass den Zuch schon viru gefuer. Well ët dunn e bëssen no Süden gaang ass, hu verschiddener vu senge Komeroden gemengt ët géng Richtung Italien. Kuerz duerno huet den Zuch no Osten gedréint, an du war ët kloer wouhin d'Rees géng: Russland. Iwwer Krakau gong ët duerch Polen an d'Ukraine eran wou ët iwwer Lemberg viru gaangen ass, bis op Odessa um schwarze Mier. Hei war déi gréisst Statioun fir d'Verfleegung un d'Front déi um Waasserwee iwwer d'Mëttelmier ze erreeche war. Hei zu Odessa gouf de ganze Bataillon op Kamionen ëmgelueden, op an zwësche Saachen déi op d'Ostfront transportéiert goufen. Et gong Richtung Nordosten.

• **10. Dezember:**

Ukonft zu Nikopol bei Dnepropetrovsk, wat dunn och d'Endstatioun Richtung Osten war. Ee Partisanenasaatz vun 3 Deeg gouf ët nach déi Säit vum Dnepr; 80-100 Zaldoten louchen niewt engem zougefruerene Floss, an d'Devise war ët gëtt op alles geschoss wat aus Richtung Osten kënnt. Si ware knapps do ukomm, do hunn d'Kurelen hinnen ëm d'Ouere gepaff. Well zu däer Zäit di däitsch Arméi schon um Réckzuch war a si och d'Krimhallefinsel hu misse raumen, huet ët och fir dem Jeng säi Bataillon geheecht:

„Vorwärts Kameraden, wir müssen zurück"

Leider war ët eriwwer mat Zuch- oder Kamionstransport, vun elo un gong ët ze Fouss virun an Etappen vun 20-30 Kilometer pro Dag queesch duerch d'Ukraine. Zu Birsula gouf et nach e längeren Openthalt vu 6 Wochen fir nei Geschëtzer anzerodéieren. Zweemol gouf ët zu Birsula och nach ee Scharfschiessen wou de Jeng di éischte Kéier Beschten vun senger Kompanie mat 33 vu 36 Réng war. Et huet dunn geheescht beim zweeten Duerchgank géife Kandidate selektionnéiert fir den Asaatz am Partisanenkampf, an dunn huet de Jeng express e schlecht Resultat geschoss.

Den 11. Februar koum di éischt Postsendung vun doheem un. De Bataillоun huet och nach missen Nachschub, an zwar Motorrieder, Kamionen a Geschëtzer fir d'Ostfront op een Zuch ëmlueden, an an der Nuecht gouf den Zuch du vu Fliigeren beschoss an dee gréissten Deel vum Material war zerstéiert.

• **17. Februar:**

Et gong nees viru Richtung Bessarabien, dat haut Moldawien heescht. Iwwer Chisinau, d'Haaptstad vu Bessarabien, gong ët weider op Rumänien zou.

• **15. Abrëll:**

Ukonft zu Liesti a Rumänien. Op deene verschiddenen Uertschaften ënnerwee hunn d'Jongen, well d'Verfleegong miserabel war, sech nach verschidden iessbar Saache missen „organiséieren". An bei sou enger Geleenheet huet de Jeng seng geféierlechst Sitatioun vum ganze Krich erliewt. De Spiess hat owes virum Départ gesot, si misste kucke fir e Schwäin matzekréien; moies fréi, wi d'Duerfleit nach geschlof hunn, gouf dat Déier aus dem Stall gedriwwen an e puer Zaldoten hunn drop geschoss. Dem Jeng säin Optrag war, no de Schëss d'Schwäin mat engem Messer ze steechen. Hien huet sech op d'Schwäin gesat an just an deem Moment huet ee vu senge „Komeroden" nach eng Kéier op d'Schwäin geschoss an de Jeng huet de Loftzuch vun der Kurel gespuert. Eng aner Kéier gouf et eng gudd Gefliggelzopp, an dat nëmme well de Jeng beim Duerfbuergermeeschter eng Gäns matgeholl hat.

Zu Liesti goufen och erëm Griew ausgehuewen fir déi russesch Géigenoffensiv ze bremsen; Schanze goen huet déi Operatioun deemols geheescht. Alles an allem hat de Bataillоun zwëschen Nikopol an Liesti ongeféier 1100 Kilometer ze Fouss zréckgeluecht, wat schon eng beachtlech Leeschtung war.




*Kaartenausschnëtt: Dem Jeng seng Odyssee vu Polen iwwer Lemberg an Odessa bis op Dnepropetrovsk*

M. ist berechtigt, die Reise am 19.7.44 nach Dienst anzutreten.
Oberleutnant u. Kp.-Chef

Frei von ansteckenden Krankheiten
Stabsarzt.

Gültig für freie Urlaubsreisen auf kleinen Wehrmachtfahrschein

Erholungsurlaub (Einsatz) gem. AHM. 1943, Nr. 867, Ziff. 61

## Kriegsurlaubsschein

(Fernspr.stellv.Gen.Kdo.V.A.K. Abt. IIb/31 v. 13.6.44)

Der Oberschütze Johann M e y r a t h
(Dienstgrad, Vor- und Zuname)

von Feldpostnummer 43 158
(Truppenteil)

ist vom 20. Juli 1944 bis einschl. 10. August 1944 24 Uhr beurlaubt

nach S c h i e r e n nächster Bahnhof Kolmar - Berg

nach L a u b a n nächster Bahnhof Lauban

nach --- nächster Bahnhof ---

Er reist auf kleinen Wehrmachtfahrschein. Die Inanspruchnahme von Wehrmachtfahrkarten oder Fahrkarten des öffentlichen Verkehrs für die im Wehrmachtfahrschein bezeichnete Strecke ist verboten.

Über die umstehenden Befehle ist er belehrt worden.

Ausgefertigt am 19. Juli 1944.

Dienststelle der Feldpostnummer 43158

Obltn.u. Kp.-Chef.
(Unterschrift, Dienstgrad, Dienststellung)

Muster 2
Druck: Walter Salomon, Berlin

Der Urlauber hat sich an seinem Aufenthaltsort sofort unaufgefordert dem Luftschutzdienst zur Verfügung zu stellen.

1. Bei der Zugkontrolle Urlaubsschein und Fahrschein unaufgefordert vorzeigen.
2. Jeder Urlauber hat sich am Urlaubsort — sofern der Aufenthalt länger als 48 Stunden dauert — **innerhalb der ersten 48 Stunden** bei der Standortkommandantur (Standortältesten) oder in Orten, die nicht Standort sind, bei der Ortspolizei (Gemeindeamt) **zu melden. Die Meldung hat er sich hierunter bescheinigen zu lassen.**
3. Urlauber haben in Wehrmachtstandorten Nachturlaub nach den Standortbefehlen, die bei den Bahnhofswachen oder bei der Meldung gem. Ziff. 2 zu erfragen sind; in Urlaubsorten, die nicht Standort sind, Nachturlaub bis zur Polizeistunde.
4. Verschwiegenheit und Zurückhaltung bei Gesprächen ist Pflicht.
5. Bei Anzeichen seuchenverdächtiger Erkrankung sofort den nächsten Wehrmachtarzt (Lazarett, notfalls Zivilarzt) aufsuchen.
6. Bei Zweifel über Rückreiseziel Auskunft nicht bei Zivilbehörden, sondern nur bei Wehrmachtdienststellen einholen.
7. Abgefunden mit **Gebührnissen** bis einschl. 20. Aug. 1944
   Abgefunden mit **Verpflegung in Natur**: Brot bis einschl. 19.7.44, sonstige **Mundverpflegung** bis einschl. 19.7.44
   Abgefunden mit **Verpflegung in Geld** bis einschl. 12.8.44 Mit Reisemarken abgefunden
   Abgefunden mit **Lebensmittelbezugs-(Reise-)Marken** bis einschl. 21.7.44 bis 22.7.44
   Abgefunden mit **Feinseife** bis einschl. 30.6.44, mit **Rasierseife** bis einschl. 30.6.44
8. Lebensmittelkarten werden für den Aufenthalt am Urlaubsort (einschl. Rückreise) von der zuständigen Kartenausgabestelle ausgehändigt. **Die Aushändigung hat die Kartenstelle hierunter zu bescheinigen.**
9. Dieser Urlaubsschein ist nach Rückkehr vom Urlaub der Wehrmachtdienststelle abzugeben.
10. Besondere Vermerke: (z. B. über das Tragen bürgerlicher Kleidung am Urlaubsort u. a.)

M. ist berechtigt bürgerliche Kleidung zu tragen.

Dienststelle der Feldpostnummer 43158

Oberleutnant u. Kp.-Chef

Der Amtsbürgermeister in Ettelbrück

Kartenausgabestelle des Kreises Diekirch

| Bescheinigung über Meldung am Urlaubsort: | Bescheinigung der Kartenausgabestelle |
|---|---|
| gemeldet am 21. JUL. 1944 | Lebensmittelkarten für Normalverbraucher der Zivilbevölkerung sind ausgehändigt für die Zeit vom 22.7.44 bis einschl. 10.8.44 |
| Der Amtsbürgermeister als Ortspolizeibehörde i. A. | Ettelbrück 21.7.44 |
| (Ort, Datum, Stempel oder Unterschrift) | (Ort, Datum, Stempel oder Unterschrift) |

Der Amtsbürgermeister als Ortspolizeibehörde Ettelbrück

*Kopie vun deem Urlaubsschäin, aus deem de Jeng nit méi zréckgaang ass*

**• 27. Juni:**

Et gong erëm op den Zuch, an iwwer Ungarn an Eisträich gouf d'Endstatioun zu Ulm erreecht. Zu Ulm sollt d'Kompanie frësch opgestallt gi fir a Frankräich verluecht ze ginn an do ze hëllefen d'Amerikaner op hirem Virmarsch ze stoppen. Well de Jeng awer aus sengem Urlaub nit méi zréckkomm ass, ass hien ni gewuer ginn, wouhin d'Kompanie verluecht ginn ass a wat si nach alles erliewt hunn. Op sengem Urlaubsschéin stong als Zwëschenstatioun och nach Lauban a Schlesien, wou seng Schwester Alice war. Si war do an een Hotel strofversat wou déi preisesch Bonzen hiren Urlaub verbruecht hunn. Mä de Jeng war du schon entschloss aus dem Urlaub nit méi zréck ze goen, an hie wollt seng Schwëster mat sengem Besuch nit onnéideg a Gefoer bréngen.



*Kammwald bei Prag mat Geschëtz- an Infanterieübungen*

**• 10. August:**

Den Urlaub war eriwwer, an déi Zäit bis d'Amerikaner komm sinn, huet missen iwwerbréckt ginn. 2 Wochen war de Jeng zu Ettelbréck beim Aloyse Schaus verstoppt, dee Chauffeur beim Fixmer war. Du gouf deem säi Brudder geholl, deen och Jonge verstoppt hat. Déi 2 lescht Woche war de Jeng zu Lëppscht bei Schiffmanns Kett ënner Dach komm, an do huet hien och beim Kéihidden di éischt Amerikaner gesinn.

Domat war den Krich fir Meyraths Jeng aus, mä et feelen nach e puer Detailer vu senger Schneiderkarrier an der Wehrmacht: de Jeng huet ugefaang zu Birsula an der Ukraine fir seng Komerode Strëmp ze flecken, Kapen ze maachen. Doduerch goufen och déi Déck aus der Kompanie op seng Kapazitéiten opmierksam, an du gouf ët Bestellunge fir besser Kapen, Arméipaltongen an eng Sportsbox fir e Leutnant. Hie gouf dunn och an dat Haus aquartéiert wou d'Reserve vun Uniformen an Ënnerwäsch war. Zu Birsula koum dunn och d'Ernennong zum Kompanieschneider, a fir all seng kleng Gefällegkeeten hat de Jeng de ganze Krich ëmmer Tubak saat.

# Stiftung „HËLLEF FIR POLEN" mit Hilfskonvoi nach POLEN gestartet



*Bereits zum 29. Mal startete die Organisation „Hëllef fir Polen" Ende November mit einer Lastwagenladung Hilfsgüter (15 Tonnen) von Ettelbrück aus in den Norden von Polen nach „LEBORK". Begleitet wurde der Konvoi von Stiftungsmitarbeitern **Fernand Poncelet, Toni Nickels, Marc Bernard, Pierre Stork, Armand Rommes** und **Aloyse Lauth**, die bestens mit den Missständen vor Ort vertraut sind, und die Humanitäre Hilfsaktion demnach gezielt während ihrem einwöchigen Aufenthalt leiten und durchführen konnten.*

*Auf eigene Kosten legten sie die Reise mit der Eisenbahn zurück und waren nach 24 Stunden rechtzeitig an Ort und Stelle um die Verteilung vorzunehmen. Ziel der Aktion war es die Lebensbedingungen der Waisenkinder die in einem Heim im nordpolnischen „Lebork" untergebracht sind und die selbst die elementarsten Gebrauchsgüter für den alltäglichen Bedarf entbehren, zu verbessern.*

*So wurden in der Hauptsache Kinderkleider, neue Schuhe, Spielsachen aller Art, sowie Bodenbeläge für Restaurierungsarbeiten im Heim mit dem Konvoi transportiert. Darüber hinaus wurde ein Spielplatz aus Holz auf der Heimanlage mit Schaukeln, Rutschbahnen, Klettertürmen angelegt, der mit Spendengeldern finanziert wurde. Weiter wurden an Ort und Stelle für 45.000 Luf. "Pampers" bestellt, geliefert und von uns bezahlt. Ein Kostenanschlag für das Einrichten 4 neuer Badezimmer in Höhe von 750.000 Luf wurde zur Kenntnis genommen. Die Hilfsorganisation „HËLLEF FIR POLEN" hat den festen Willen den Auftrag zu übernehmen und später zu finanzieren. Als Überraschung führte die sechsköpfige Delegation des Weiteren den „NIKOLAUS" mit im Gepäck und die Heimkinder hatten einen schönen Nachmittag den sie mit Sprüchen und Kindertänzen zu honorieren wussten.*

*Spenden sind jederzeit willkommen, Kontaktperson für „HËLLEF FIR POLEN" ist **Pierre Stork, 14, rue de l'Abattoir, 9125- Schieren,** Tel.: 81 96 92*
*C.C.P.L. von der Organisation a.s.b.l. O.N.G. lautet 102184-43.*

*Im Voraus vielen Dank für alle möglichen Spenden.*

*Toni Nickels, Vize-Präsident der Vereinigung*
*Tel.: 81 28 92*

"Liewen Dobaussen" a.s.b.l.

B.P.134 L-9002 Ettelbruck
Téléphone 26 81 3098 Fax 26 81 30 99
e-mail: ldasbl@pt.lu Agrément No.: B31/98



# D'Foyeren vun «Liewen Dobaussen» asbl

Liewen dobaussen? Bei deem Wieder wäert Dir iech soen, nee merci! Déi meescht Schierener Leit wäerten trotzdem wëssen, dass et an hirem Duerf en Haus get, wat ënnert deem Numm bekannt ass, an wou e puer Leit an engem Foyer wunnen. Mä wat ass dat dann elo a wien sinn déi Leit?

Fir déi Froen ze beäntwerten, muss een zréck op d'Enstehungsgeschicht vun eiser Associatioun kucken: Am Laf vun deene leschte Joeren hun d'Behandlungsméiglechkeeten an der Psychiatrie eng enorm positiv Evolutioun matgemaach, an et ass méiglech ginn schwéier psychech Erkrankungen ëmmer besser ze behandelen. Dat huet mat sech bruecht, dass Leit déi ënner dësen Erkrankongen leiden, net méi ewéi an der Vergaangenheet Joeren, an heiansdo hirt ganzt Liewen an enger Psychiatrischer Klinik verbréngen mussten. D'Behandlungszäiten sin also drastesch erof gangen an d'Leit gin esou séier ewéi méiglech erëm an hiirt gewinnten Ëmfeld réintegréiert. D'Maueren ronderëm den CHNP sinn also no an no gefall!

Et huet sech awer och erausgestallt, dass fir verschidde Leit, och wann hir psychesch Erkrankung net méi dominant, awer ëmmer nach präsent ass, eng Réintegratioun an d'Gesellschaft ouni Ënnerstëtzong schwéier oder onméiglech ass.
Hei huet dun 1987 eng Ekipp vun Leit aus dem CHNP, awer och aus der Gemeng Ettelbréck d'Initiativ iwwerholl, an si hun sech zum Zil gesaat, kleng Wunnstrukturen ze schaafen, wou Betraffener d'Méiglechkeet kréien, mat der Ënnerstëtzong vu socio-éducativem Personal erëm e méiglechst "normalt" Liewen an der Gesellschaft ze féieren. Dohir also eisen Numm: Liewen Dobaussen, dat heescht, liewen ausserhalb vum Spidol.

**1990** huet déi éischt Wunngrupp zu Dikrech hir Dieren opgemaach. Hei war Plaz fir 7 Leit, a si sinn déi éischt 3 Joer vun bénévolen Betreier begleet ginn. De Besoin un betreiten Wunnplazen war awer vill méi grouss, an et woer séier kloer dass dat op bénévoler Basis net ze maache wir.

**1993** ass dun eng Konventioun mam Gesondheetsministère ofgeschloss ginn, an et konnt Personal agestallt ginn. Am selwechte Joer ass dun och de Foyer zu Schieren opgaangen, mat Plaz fir 6 Bewunner. Am Ufank war d'Skepsis relativ grouss am Duerf, sou muncher een huet sech gefroot, wat kréien mir dann elo an d'Duerf, ass dat net geféierlech, schloen déi net ze vill Kaméidi asw. Déi Skepsis war awer och ze erklären, psychesch Krank sin och haut nach ëmmer stark stigmatiséiert, an en Thema wat een gären ënnert der Rubrik "Geckewitzer" klasséiert an domat huet et sëch. Dës Bedenken sin awer séier verflunn wéi déi éischt Bewunner bis do waren. Eis Noperen hun schnell gemierkt, dass et am Endeffekt Leit sin, ewéi all déi aner, mat eben hieren gudden a schlechten Säiten.

An de folgende Joeren hu mir eis Struktur konsequent ausgebaut et gunge weider Foyeren zu Ettelbréck an Dikrech op, am ganzen bidde mir haut 6 Wunngruppen mat 27 Plazen an der Regioun Ettelbréck-Dikrech un. Am Laf vum nächste Joer kënnt e weidert Haus an der Fiels derbei, wou nach eng kéier 7 Leit e neit Doheem fannen wäerten. Wéi gesot hun d'Leit wann se bei eis kommen schon ëng laang Krankheetsgeschicht hannerun sech, dat heescht vill Kliniksopenthalter, Therapien, oft Verloscht vun Aarbecht an Wunneng. Duerfir ass d'Wunnen bei eis och zäitlëch net begrenzt. D'Begleedung duerch d'Personal ass den individuellen Besoinen vum Bewunner ugepasst an dementsprechend mol méi, mol manner intensiv. Wa fir Eenzelner d'Méiglechkeet fir erëm eng Kéier an eegener Wunneng ze liewen realistesch ass, an och dorop hi geschafft get, esou kann a soll fir Anerer de Foyer och Doheem op ganz laang Zäit sin.

Den Alldag vun de Bewunner ënnerscheed sech net vill vun deem wat Dir vun iech selwer doheem gewinnt sidd. Jiddereen huet en egent Zëmmer dat hien selwer ariicht an an der Rei helt. Do derniewt get et de Stot ze maachen, an jiddereen leescht sei Beitrag do derbei. Déi meeschte Bewunner fannen bedingt duerch hir Krankheet këng Aarbecht um freien Aarbechtsmaart, oder sinn ganz einfach schon am Pensiounsalter, mir bidden awer intern verschidde Méiglechkeeten un fir sënnvoller an geregelter Beschäftigong nozegoen. Do derniewt schaffen mir intensiv mat den Ateliers Thérapeutiques du Nord, -déi sech an enger vun deenen leschten Editiounen vum "Louis" virgestallt hun-, zesummen.

Ech wëll awer och vun deser Plaz profitéieren, fir de Schierener Leit, den Gemengeverantwortlechen, Veräiner an eise Noperen merci ze soen fir d'Vertrauen an d'Ënnerstëtzung déi si eis iwwert all déi Zäit déi mir elo schon am Duerf sin, merci ze soën. Mat ärer Hëllef konnten mir e Stéck vum Duerfliewe ginn!

# TURNVERAIN SCHIEREN

*Den Schirener Turnveräin bidd Turnstonnen un fir déi Leit déi fit sin oder et erëm wëlle gin.*

**Wellness- Turnen Donneschdes**
**vun 20.30 Auer bis 21.30 Auer bei passender Musik:**

- Häerz-, Kreeslaf – an Otemübungen
- Fettverbrennungsübungen
- Koordinatiouns- an Mobilisatiounsübungen
- Bauch- an Réckengymnastik
- Übungen fir d'problematesch Partien bei der Fra
- Dehnungs- an Entspanungsübungen

**Gesondheetsturnen Freides**
**vun 17.00 Auer bis 18.00 Auer och mat Musik:**

Einfach an lues Übungen vum Kapp bis an d'Zéiwespëtzten
bei flotter Ambiance an Kollegialitéit

Tel. fir all Informatioun: 81 84 06 (Pletschette Marie Anne)
81 88 02 (Kemp Juliette)





## Nët ze vergiessen:
## SUMMERFEST VUM TURNVERAIN DEN 16. JUNI 2002 AN DER SPORTSHAL ZU SCHIREN!

*D'Schirener Musek invitéiert Iech häerlech op de Gemeinschaftsgalaconcert mat der*

## *Harmonie aus dem Rollengergronn*



Samsdes de 27. Abrëll ëm 20 Auer
an der Sportshal.

# Amiperas Schieren

Am Kader vun enger besënnlecher Krëschtfeier ass nach, nodréiglech, der Koppel Pier an Eugenie Petry-Kieffer fir hir gëllen Hochzäit gratuléiert ginn, an dem Pier fir seng 85 Joer. ►





◄ Chèque Iwwerreechung un den Dr. Di Cato vun der Kriibsfuerschung.

Virun der Generalversammlung huet den Dr. Di Cato iwwer de Stand vun der Fuerschong geschwat. De Comité huet e Chèque iwwer 1250.- Euro iwwerreecht. D'Sammlung vum Joer 2001 war zesumme komm:

| | |
|---|---|
| *gréisten Deels an der porte-ouverte* | |
| *am Spuerschwäin:* | *16.000.- Fr* |
| *Tombola vun der Krëschtfeier:* | *25.000.- Fr* |
| *verschidden Don'en:* | *5.500.- Fr* |
| *Den Total vun* | *46.500.- Frang* |
| *ass dun ëmgerechent an opgebessert gin op* | *1250.- Euro* |

An der Generalversammlung huet de Präsident Jos Lutgen 65 Memberen vun der Sektioun Schieren begréisst. Un déi verstuerwen Memberen vum leschte Joer ass geduecht ginn.
E gut gefëllten Aktivitéits- a grad esou een ausféierlechen Keessebericht ass duerno komm.
De Programm fir d'Joer 2002 ass virgestallt ginn, an fir d'Sammlung vum Joer ass ënner 4 Virschléi: OMEGA 90, Itzeger Kannerheem, Mierscher Kannerduerf, Spina Bifida, dat lescht eraus gewielt ginn fir dët Joer.

## Eng gut Séil huet eise Komité awer leider verloos, Olsem's Maria huet seng Pensioun gehol !

1978 ass d'Maria an d'Amiperas komm, als Member fir sech heiansdo mat deenen aneren Memberen ze treffen an der porte-ouverte fir Kaart ze spillen oder bei enger méi grousser Feier.

1989 ass d'Maria an de Comité komm. Als „Eise Bréifdréier" huet sie vill Kilometeren mat den Ziedelen duerch d' Duerf gemaach.

Mat der Geldlotterie ass si hauséiere gaang, an där enger Hand d'Billjéen, an där anerer Hand eng Tut mat enger Schéier, fir den Dreck mat virun ze huelen. Wann d'Leit da gewonnen haten, da war d'Maria bal méi frou wéi si selwer.



Bei eise groussen Feieren huet sie och ëmmer ganz roueg geschafft, d'Dëscher ofgemach, Glieser gespullt, a wat soss dorëmer ze di war.
Als klenge Merci fir seng vill Arbecht an deenen 13 Joer huet d'Maria eng schéin Orchidee verdéngt. Hoffentlech kënner mir si nach en ettlech Joeren am Krees vun der Amiperas verwinnen.

P.S.: No der Bretzelfeier 2002 ass ët nees opgefall wéi d' Maria eis fehlt, mir hun Donneschdes eis Dëscher misse selwer ofmachen, an dem Maria seng grouss Kirbiicht huet och gefeelt.

# Wat gët et Neies bei der Chorale CAECILIA

Samsdes, den 26ten Januar 2002 hat d'CHORALE CAECILIA op hir 69. Generalversammlung invitéiert.
De President Jos Zeimes konnt den Här Buergermeeschter Jos Lutgen an d'Vertrieder aus dem Scheffen- a Gemengerot, den Här Paschtouer Romain Gillen, d'Vertrieder vun den Duerfveräiner, d'Memberen an d'Frënn vun der Chorale begréissen. D'UGDA gouf vertrueden durch den Här Raymond Schroeder.

De President huet all deenen Merci gesot, déi de Veräin am vergaangene Joer an irgendenger Form ënnerstëtzt hun. Hien sträicht a senger Usprooch besonnesch ervir, wéi vill Freed an Zefriddenheet dat gemeinsamt Sangen engem Mënsch ka brengen an hien hofft dat dësen Hobby an Zukunft och bei eiser Jugend vläicht rëm méi Uklang fanne wärd.

D'Sekretärin Maggy Meisch huet den détailléierten Aktivitéitsrapport virgedroen an dobäi déi gemeinsam Optrëtter mat den Ierpeldenger Sänger ënnert dem Motto Entertainment als Héichpunkt vun der Saison ënnerstrach.
De wéi gewinnt exemplaresche Keesseberischt vum Jos Bormann as vun de Keessekontrolleren Roger Gengler a Jos Wiesenbach als komplett a richteg kommentéiert gin.



De laangjeeëhrege Sänger, Sous-chef a Comitésmember Pol Goerens, deen aus Gesondheetsgrënn leider nit méi kann aktiv am Veräin sin, huet vum President als Merci fir all seng Aarbecht fir de Schierener Gesank e Cadeau iwwerreecht kritt.

*De Pol Goerens ◄ als Jonke Sänger*

D'Maggy Meisch, dat aus berufleche Grënn säi Posten als Sekretärin leider opgët, kritt mat engem schéine Bouquet ebenfalls Merci gesot fir säin Asaatz fir de Veräin am Laf vun deene leschte 5 Joer.
Een extra Merci gong och un den Dirigent Henri Bissen, d'Sous-Chefin Aline Schroeder an den Organist Marc Garson.

Folgend Sänger a Sängerinnen goufen dékoréiert:
- mat der Medaille fir 20 Joer:
  Myriam Kuffer, Eliane Giulioni a Marie-Thérèse Schmitz,
- mat der Medaille fir 30 Joer:
  Nico Goerens,
- mat der Medaille fir 50 Joer:
  Jos Heintz a Jos Zeimes.

Nodeems an der Generalversammlung d'Mandater vun engem Deel vun de Comitésmemberen erneiert gi waren, sin an der éischter Comitéssëtzung d'Posten folgendermoossen verdeelt gin:

President: Jos Zeimes
Vizepresidentin: Viviane Storn
Sekretärin: Aline Schroeder
Keessjee: Jos Bormann,
Membren: Marga Blasius (Archivarin), Eliane Giulioni,
Nico Goerens, Maggy Meisch, Jean-Paul Meisch, Irène Ney,
Jeannine Nickels, Josiane Scholer an Jules Wagener.



*Comité*

No der Generalversammlung waren all Membren a Frënn vun der Chorale invitéiert fir an hirem Proufsall nach e puer gemittlech Stonnen bei engem Stéck Ham an engem gudde Patt ze verbréngen.

## Sonndes, den 3. Februar 2002: KLENG KIIRMES.

Wéi schon déi lescht 2 Joer hun d'Sänger an d'Sängerinnen nees eng Kéier e richtege Kiirmesmenu opgedëscht. Op an der Kichen oder am Service, bei der Organisatioun oder bei de Sketcher: jiddereen huet eng Hand mat ugepaakt, do wou e konnt a sou zum Succès vun deem Dag béigedroën.



Owes, déi lescht Hameschmieren ware fierdeg, konnten se och an der Kichen endlech eng Paus machen.



## D'Oktavmass:

No der Pastoralvisite vum Här Erzbëschof zu Ettelbréck, méindes, den 18.02.2002, stong fest dat, trotz all Beméiungen vun de Gemengevertrieder, déi Schierener Leit vun dësem Joer un zesumme mat de Paren Colmer-Bierg, Feelen, Mäerzeg an Ettelbréck hir Oktavmass sollen hun.

An deem Zesummenhang hat dann och den Ettelbrécker Gesank, den 28.02.2002, eng Delegatioun vun deenen eenzelne Kiirchechéier op eng Versammlung invitéiert fir iwer d'gesanglech Gestaltung vun der gemeinsamer Mass ze diskutéieren.

Am Numm vum Schierener Gesank erklärt de President Jos Zeimes dat déi Schierener Leit guer nit frou sin iwwert de Verloscht vun hirer eegener Oktavmass, mä dat d'Chorale trotzdem d'accord wier fir zesummen mat deenen 4 aner Chéier eng gemeinsam Mass ze sangen.

Dëst Joer soll d'Leedung an den Hänn vum Ettelbrécker Dirigent Marc Weydert leien. All Joer soll dann een anere Chouer d'Direktioun iwwerhuelen. D'nächst Joer wier dann schon Schieren un der Rei.

An deem Sënn sin dann och all Schierener Leit invitéiert, sou wäit wéi méiglech, dënschdes, den 30ten Abréll un der Oktavmass deelzehuelen.

# Galaconcert
## vun der Schierener Musek



Esou wéi all Joer um drëtte Sonndeg am Januar, waren och dës Kéier nees vill Leit um Galaconcert vun der Schierener Musek an der Sportshal op der Steeënerstrooss. Méi ewéi 600 Nolauschterer, dovun ongeféier 400 déi vun no a vu wäit ugereest sinn, waren vun dem Programm begeeschtert.

Zesumme mat hirem Dirigent Blaise STELANDRE, haten d'Schirener Musikantinnen a Musikante sech dëst Joer Spuenien als Thema erausgesicht. Ouverture Espagnole, La Alhambra, Tuba Concerto Espanol mam Solist Marc Garson, Granada, déi bekannte Walzersuite España vum Emile Waldteufel an Castles in Spain stongen um Programm vum éischten Deel.

No der Paus konnt de Publikum sech un Spanish Triptych, España Cani, Fiesta in Cadiz, Spanish Eyes an Eviva España erfreeën. E Genoss fir d'Aan waren d'Optrëtter vun der Danzkoppel Rachel Loes an Goeffrey Bockler vun der Danzschoul Emeringer, déi bei de schmassege Melodien vun España Cani an der Walzersuite España d'Publikum konnte begeeschteren. Duerch de Programm huet ewéi gewinnt d'Maggy Meisch gefouert. Fir déi flott Dekoratioun waren de Georges Petit, Ali Nickels an de Martin Hendriks zoustänneg.



# Aus der Generalversammlung vun der Schierener Gemeinschaftsantenn

Den 31. Januar 2002 ass déi 35. Generalversammlung vun der Schierener Gemeinschaftsantenn ofgehal ginn. De Präsident Armand Bauler huet all interesséiert Nolauschterer begréisst a sech de Kollegen aus dem Comité, de Keessepréifer an der Gemeng fir déi gudd Zesummenaarbecht bedankt.

Den Tätechkeetsbericht ass vum Sekretär Jerr. Kemp virgedro ginn. De Verwaltungsrot huet sech 6 x getraff a war och 6 x bei verschiddenen aneren Evenementer an Treffen vertrueden. DZuel vun de Memberen ass op 468 geklomm. De Präiss fir een neien Uschloss ass bei € 991,57 belooss ginn, an de jährleche Beitrag beleeft sech op € 74,37. Am Laf vum läschte Joer si folgend zousätzlech Programmen ugebuede ginn: Phoenix, Chamber-TV, N-24, Viva 2, CNBC, 9-Live, ORB an MTV 2, woumat dUnzuel vun de Fernsehsprogramme sech op 55, an déi vun de Radiosprogrammen op 41 beleeft. Säit kuerzem steet och den Tango-TV an de Liberty-com am Angebot. DSignal gëtt vun der Ettelbrécker Gemeinschaftsantenn geliwwert, déi hirt Netz d'läscht Joer op 862 MHz erweidert hun. Wëll d'Schirener Antennenetz momentan jhust bis 450 MHz tauglech ass, an eenzel Programmen an engem héigere Frequenzberäich agespeist ginn, sinn déi nëmme schlecht oder guer nëtt ze empfänken.

De Verwaltungsrot huet am Verlaaf vun hire verschiddene Sëtzunge beschloss, fir am Laf vun dësem Joer Moderniséierungsaarbechten um Netz ausféieren ze loossen. Déi bestehend Verstärker gin dann duerch bi-direktional Verstärkeren ersat an op 862,5 MHz opgerüst, fir de Schierener Leit och weiderhin eng qualitativ a quantitativ héichwertech Programmpallette kënnen unzebidden. Matt deenen neie Verstärker wärt ët dann och méiglech sin, aner interaktiv Servicer wéi «Internet à grande vitesse», «Select-TV», «video on demand», «Pay-TV» a.s.w. iwr de Réseau unzebidden.

Aner Entretiens-aarbechten sinn an der Rue du X Septembre, der Rue de la Gare, dem Kräizbierg an der Rue du Chemin de Fer virgesinn.

*Ausserdem ass nach ze bemierken, datt d'Schirener Antenne sech ee Logo-Design zougeluecht huet, a säit Mëtt Juli och um Internet ënnert der Adress «**www.schieren.org**» ze fannen ass.*

Wat d'Finanzen ugeet sou konnt de Jerr. Kemp, deen och Tresorier ass, iwwer eng ausgeglache Situatioun berichten. D'Generalversammlung huet op Virschag vun de Keessepréifer d'Entlaaschtung ginn an och de Verwaltungsrot krut seng Aarbecht ofgeseent.

Den Alain Feypel, Präsident vun der Ettelbrécker Gemeinschaftsantenn, huet an sengem Exposé iwwer déi zukünftech technech Erausfuederungen a Méiglechkeete geschwat. Während der fräier Aussproch huet hien an d'Comitésmemberen op déi sëlleche Froen geäntwert.

D'Schlusswuert gouf vum Jos Lutgen geschwat, deen déi bénévol Aarbecht vum Verwaltungsrot ervirgehuwef huet, an déi moralech a finanziell Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesëchert huet.

De Comité setzt sech folgendermoossen zesummen: Armand Bauler (Präsident), Rudy Bever (Vize-Präsident), Jerr. Kemp (Sekretär an Tresorier), Steve Lamborelle, Jang Mons (Memberen), Christian a Roger Stelmes (Memberen an Techniker). Keesserevisoren si Jos. Nilles, Raymond Schreiner an Jos. Wiesenbach.

Jerr. Kemp



# FRAEN A MAMMEN

## GENERALVERSAMMLUNG 2001

Déi 31. Generalversammlung vun de Fraen a Mammen vu Schieren huet den 15. Januar 2002 am neie Festsall vun der Gemeng stattfond.

Um 20. 00 Auer huet d' Prësidentin eng ganz Rei vun Invitéën begréist, déi trotz dem schlechte Wieder ( Schnéi, Gletz asw) de Wée bei eis fond hun.
Den Här Buergermeeschter mat sengem Scheffen- a Gemengerot, den Här Paschtouer Romain Gillen, d' Prësidenten an d' Vertrieder vun de Vereiner, an d' Memberen vum Verein (45 Dammen). D' Hären Nickels an Pletschette aus dem Gemengerot waren entschëllegt.

D' Prësidentin huet eng ganz Rei vun Merci'en ausgesprach. E spézielle Merci der Gemeng fir deen alljährliche Subsid, an och de Gemengenaarbechter déi emmer bereet sin anzesprangen wann gréisser Aarbechten ustin.
Si huet allen Dammen merci gesot, déi am Laaf vum Joer eis bei deene verschiddenen Aktivitéiten ënnerstëtzt hun. Duerno huet sie der Sekretärin d'Wuert gin fir den Tätegkeetsbericht.

Am Laaf vum Joer 2001 hate mir 22 Aktivitéiten. De Comité as 12 Mol zesumme komm. E Backcours hu mir orgarniséiert, a well vill Intéressi do war, as en gleich zweemol ofgehale gin. Den Här Ronald Thill aus der Hôtelschoul vun Dikrech huet eis déi Couren gehalen.
Mir hun eis un allen kiirchlechen a weltlechen Manifestatiounen am Duerf bedeelegt.
Am Jahr 2001 haten mir 192 Memberen.

D'Caissière huet der Versammlung ganz genee d' Ausgaben an d'Einnahmen vum Verein am Détail matgedeelt. Si huet och gesot dat de Verein vun den Memberskarten nemmen 10% kann zeréck halen. An deenen leschten 25 Joer hu mir u verschidden Orgarnisatiounen déi stolz Zomm vun 3 449 935,- Frang gespend, dat sin ronn 143 750,- Frang pro Jahr.

D' Joffer Marguerite Weber an d' Madame Alice Reuter hun de Bericht vun der Caissière bestätigt an hir mustergültig Keeseféierung geluewt.

D' Sekretärin huet de Programm fir d' Joer 2002 matgedeelt. Nei um Programm fir 2002 as:
Den Ausflug vun de Fraen a Mammen aus dem Dekanat Dikrech no Holland, den 27-28-29 Juni.

Um Schluss huet d'Presidentin d'Berty Bormann mat engem schéine Bouquet Blummen aus dem Comité verabschied an him Merci gesot fir déi Aarbecht, déi hat am Comité geleescht huet.

Si huet fir ofzeschléissen nach eng Kéier alle Merci gesot, an all Invitéën ,Memberen a Frënn vu Fraen a Mammen op e Glas Wäin an eng Hameschmier invitéiert.

Irma Feipel

## BAAKCOURS VUM 15.OKTOBER 2001 BIS DEN 29. JANUAR 2002

*Mir haten an dësem Wanter e Baakcours organiséiert, un dem 29 Dammen deelgeholl hun. Si waren an zwou Gruppen agedeelt fir datt si dem Här Thill – Zockerbäcker an der Hôtelschoul zu Dikrech – besser konnten nokucken.*
*An 10 Sitzungen huet den Här Thill de begeeschterten Nolauschterer d' Konscht vum Baken méi no bruecht. Verschidde Variatiounen vun Desserten, Neklos-a Chrëschtgebäck, an Apéritifs-Kichelcher si gebak an hiergestallt gin.*

*De 4. Februar hate mir eng kleng Ofschlossfeier mat all denen, di derbäi waren, organiséiert. Un dëser Feier huet och den Här Thill a seng Madame deel geholl.*

*No der traditioneller Foto huet d' Prësidentin si all begréisst. Si huet d'Glas erhuewen an allen e Merci gesot fir de grousse Succès vun eisem Baakcours. Eng Coupe Champagner vun der Musel an e puer lackeleg Apéritifskichelcher si fir den Ufank gudd ukomm.Ham an Zalot mat engem Patt Miseler huet och gudd geschmacht. Parfait, Schokolasmousse, Zockerwäffelcher, Kichelcher an eng gudd Taass Kaffi hun dat Ganzt verséisst.*

*Beim Dessert huet d' Prësidentin dem Här Thill eng Enveloppe iwwerreecht an him Merci gesot fir säin Engagement an Enthusiasmus zu sengem Beruf. Si sot ënner anerem, mir sin all gäere bei lech komm et huet eis eppes bruecht. D' Madame Thill hu e Bouquet Blummen kritt.*

*Den Här Thill huet fir de schéine Gest Merci gesot, hien ass gären op Schieren komm, ganz iwerrascht war hien iwwer déi gudd Organisatioun vum Comité an iwwer d'Mataarbecht an allen zwou Gruppen; dat ass nach laang net iwwerall de Fall.*

*Et sin nach e puer gemittlech Stonnen matenanerverbruecht gin, an et as och schons iwwer en nächste Cours fir den Hierscht geplangt gin.*

*Irma Feipel*



Foto: Josée Ludewig

# GAART AN HEEM SCHIEREN

**De Gaart an Heem Schieren weist op seng nächst Aktivitéiten hin:**

Donneschdes den 18. Abrëll 2002 fuere mer an d'Revue: **Damp an der Kichen**

Samsdes, den 11. Mee 2002 gin d'Blumme verdeelt

Samsdes, den 08. Juni 2002 ass eis traditionnell Mammendagsfeier ënnert der Matwierkung vun de Schoulkanner an dem Jugendorchester vun der Musek.

**Mir waarden op d'Fréijor**

E Sonndeg gouf rëm d'Buerg gebrannt
't gouf vill gefeiert uechtert d'Land
de Wanter krut de Krich erkläert
gewisen och mat aller Häert
datt hien lo nees ze plënneren huet
well wann hie geet... dat ass kee Schued!

Kuck d'Spacklen hun déif Rompie kritt
si sin dees laange Stoe midd
mee nach gi si nët ofgeléist
de Wand nach vill ze scharef bléist !

Jo, alles huet eemol en Enn...
Eis Beem hu wéi hir plakeg Hänn
mat dene si den Himmel stäipen.
Am léifste géiwe si lo näipen
bis si rëm Bliederhändschen hunn
an da geet eng nei Ära un!

An d'Villercher, déi sange frou
si päifen, zwitschren ëmmerzou
mat Äifer baue si hiirt Nascht
son «Äddi Wanter, Äddi Fraschti»

Mir freeën eis op d'Fréijor schon
mat frënterlecher, waarmer Sonn
déi eis Natur rëm nei erwächt
nees riicht béit, wat huet agebräächt
den haarde Wanter, Äis a Schnéi...
A gläich steet alles an der Bléi!

*Aus:* ***Aus dem Liewe gegraff*** *vum Anny JUNG-RHEIN*

# Jugendtreff vun de Jugendpompjeeën vu Nussbaum (D) a Schieren




Zënter Joren sin d'Schierener Pompjeeën am enge Kontakt mat de Pompjeeën vu Nussbaum aus Däitschland. Nit wäit wech vu Bollendorf gesäit e sech a méi oder manner regelméissegen Ofstänn a wann e Corps eppes ze feieren huet, gëtt den anere Corps op d'Festlechkeete mat invitéiert.

Den 13. Januar war ët un der Zäit fir d'Jugend un dës Partnerschaft runzezéien a sou gouf e Jugendtreff organiséiert. Kuerz no 10 Auer sin d'Jugendpompjeeën vun Nossem zu Schieren ukomm a si goufen mat de Schierener Jugendpompjeeën a gemëscht Gruppen agedeelt, fir un engem klengen Tréppeltour duerch Schieren deelzehuelen.

Während dem Tréppeltour misste Froe beäntwert gin. Zeréck am Pompjeesbau gouf et eng gudd Spaghetti an no dëser klenger Stäerkung gung et weider mat engem neie Questionnaire. Wéi am Moien, sou stung och am Nomëtten e Spill um Programm.

De Retour war rëm am Pompjeesbau, wou Schoki a Kaffiskichelcher op déi jonk Pompjeeën gewäert hun. Mitt an ausgetréppelt ass uschléissend de Heemwee ugetrueden ginn.



# Buergbrennen







Am ersten Sonntag in der Fastenzeit, dem Burgsonntag, wird in vielen Ortschaften des Landes, die Burg abgebrannt. Nach Gregor Spedener (Lux-Land) werden diese Feuer Burgfeuer genannt, weil ehedem in allen Burgen in dieser Nacht ein grosses Feuer angezündet wurde, und man dann an dem davonziehenden Rauch den Stand der Witterung während des Jahres, ob heiss oder nass, prophezeite.

Der Brauch des volkstümlichen Burgfeuers, auch Freudenfeuer, ist sowohl bei uns als auch in der Eifel, in Lothringen, Belgien, Süddeutschland, Vorarlberg, Tirol und in der Schweiz überliefert.
In diesen Landstrichen werden Feuer angezündet, auch glühende Holzscheiben oder brennende Karrenräder von einem Hügel oder Berg ins Tal laufen gelassen und mit Stroh umwickelte Stangen (Fackeln) geschwenkt. Diese Bräuche sind allesamt Frühlingsspiele, begleitet in Alpenländern mit Geläut, Böllerschiessen, Peitschenknall, die das Winteraustreiben verdeutlichen sollen.
Die Frühlingsgebräuche waren bereits bei den Römern lebendig und die meisten Völker des Altertums kannten diese Frühlingsfeiern. So verbrannten die Perser einen Strohkönig, der den Winter darstellte. Das Feuer als Symbol der Sonne soll im Hinblick auf den kommenden Frühling die Natur wecken und Fruchtbarkeit erwirken. Durch dieses Feuer sollte auch alles Böse verbrannt werden, um Unheil abzuwenden und um zu reinigen.
Auf dem Lande streuten unsere Vorfahren die Asche und die Kohle auf Felder und Wiesen, um das Wachstum zu fördern und Ungeziefer und Schädlinge von der Saat fernzuhalten.
Die einheimische Bezeichnung «Buergbrennen» oder «Buergaup» für Burgfeuer stammt aus der romanischenWurzel «burere» d.h. brennen. Nachstehend etliche überlieferte Bräuche zum «Buergbrennen». Ein besonderes Ritual ist das Anzünden der Burg. Dieser Vorgang wird auch heute noch vielerorts von dem letztvermählten Bräutigam der Gemeinde durchgeführt, nachdem dieser das Feuer aus den Händen seiner Braut erhalten hat. War keiner vorhanden, liess sich ein als Bräutigam verkleideter Jungmann beim Start (Läuten der Abendglocken) das Feuer einer Fackel von einem als Braut geschmückten Mädchen übergeben und steckte alsdann die Burg an. In lustigen Sprüngen umtanzte die teilnehmende und burgbauende Jugend singend und musizierent die auflodernden Flammen.
Im Ösling wurden am «Scheefersonndeg» die Mädchen mancherorts als ein Zeichen besonderer Gunst mit Asche geschwärzt, und sie beschenkten im Gegenzug ihren Schwärzer später mit den gefärbten Ostereiern. Mancherorts bestand die Burg aus einem Scheiterhaufen, und man bezeichnete das Burgfeuer mit «d'Hexe verbrennen».(nach Ed. De la Fontaine).
Trotz seiner traditionellen Wurzeln hat sich der Burgsonntag inzwischen zu einem kleinen lokalen Volksfest entwickelt, und das Abbrennen der Burg bietet eine Menge Gaudi und einige Stunden fröhlichen Zusammenseins sind jedes Jahr auf ein Neues garantiert.

*Abschliessend ein landläufiges Sprichwort:*
*«Wéi den Damp op Buergsonndeg geet, sou geet en de ganze Virsummer».*

# TOURNOI MIXTE VUM 2.2.2002 ZU SCHIEREN

Och dëst Joer hate mir eis Kollégen vun de lëtzebuerger Indiacasveräiner op Schieren invitéiert fir hei ee flotten sportlechen Nomëtteg an der Sportshal ze verbréngen.
14 Ekippen vun 7 Veräiner (außer Schieren, Kolmer, Ierpeldéng, Bettenduerf, Veianen, Alzéng an Ëlwen) waren eiser Invitatioun nokomm an d'Spiller ware Punkt halwer 3 prett fir eng Partie Mätscher ze spillen.

Gespillt gouf op 4 Terrainen an 2 Poolen. An all Pool waren 7 Ekippen, déi all während je 10 Minutten géintenee gespillt hun. No dësem éischten Tour gouf nach ëm d'Plazéirung gespillt: den éischten aus Pool 1 géint den éischten aus Pool 2, den zweeten aus Pool 1 géint den zweeten aus Pool 2, asw.

Zum Schluss stoung dun folgend Klassement fest:

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1) | Ierpeldeng 1 | 8) | Elwen 1 |
| 2) | Ierpeldeng 2 | 9) | Schieren |
| 3) | Bettenduerf 1 | 10) | Bettenduerf 2 |
| 4) | Veinen 1 | 11) | Bettenduerf 3 |
| 5) | Alzeng 1 | 12) | Alzeng 2 |
| 6) | Veinen 2 | 13) | Elwen 2 |
| 7) | Colmer-Bierg | 14) | Elwen 3 |

Wéi ëmmer hate mir och eng Kaffisstuff an der Buvette vun der Hal, wou all di Schierener an déi auswäerteg Leit gemittlech eng Tas Kaffi mat engem gudde Stéck Taart oder Kuch zou sëch huele konnten.

Leider hu mir och dëst Joer misse feststellen, dass - bis op e puer trei Supporter, deene mir och villmols Merci soen fir hire Besuch - nët vill Leit de Wee an d'Hal fonnt hun, obwuel dat ons eenzeg "öffentlëch" Aktivitéit zu Schieren ass.

***Abee, wéi heescht d'Sprëchwuert:***
***"Les absents ont toujours tort!"***
***Mir hun eis op alle Fall gudd ameséiert.***


1. Déi Schierener Ekipp: Linda Berscheid, Maryse Jung, John Hilger, Marc Haas


2. Am Büro gouf fläisseg gerechent a kontrolléiert, ob och alles säi richtege Wee gaang ass.

# THEATERFRËNN SCHIEREN



Virun ausverkaaftem Sall hun d'Akteuren
Jhemp KREMER, Nicole DI CATO,
Lucienne PICK, Jos KEMPA, Marianne WEIS,
John HILGER, Laurent LUTGEN a Jessica NILLES
während 4 Owender de lëschtegen 3 Akter

## „D'BOM SCHLÉIT ZOU"

**vum E. Clement opgefouert.**

No wochelaangen haarden Prouwen hu si fräi opgespillt
an hun ënnert der fachmännescher Regie
vum Nico GOERENS eng Kéier méi hirt Talent bewisen.
De formidable Publikum wosst duerch säin Applaus bei all
Szenenwiessel déi néideg Unerkennung ze gin.
Sou munnechen Laachmuskel ass strapazéiert gin
a munnech Tréin ass gewëscht gin vu lauter Laachen.



D'Theaterfrënn soen de Leit
vu Schieren an Ëmgéigend,
hirer Famill, hire Frënn,
der Schirener Gemeng
an hire Sponsoren Merci
fir hir Ënnerstëtzung.



En neien Rendez-vous
gi sech fir hir
Theaterowender
am Mäerz 2003.

Juliette Kemp

# CHRËSCHTBEEMERCHERSAMMELEN MAT DER JUGEND



Wéi all Joer, huet d' Jugend sech och erëm dëst Joer, den 12. Januar eng grouss Freed draus gemaach, mam Trakter duerch Duerf ze kutschéieren fir d'Chrëschtbeemercher asammelen ze goen.

Et waren der eng jett an mir haten all Hänn voll ze dinn, d'Beemercher op den Unhänger ze paken an domat rop an de Bësch ze fueren. Mir waren frou, dass mir eis zum Schluss bei engem grousse Feier déi kaal Féiss erëm opwierme konnten.

Mir soen natiirlech all deene Léit Merci, déi vun dëser Geleeënheet profitéiert hunn fir hire Chrëschtbeemchen ze entsuergen, an och een Don gemaach hunn.

E besonnesche Merci geet awer un eise Chauffer, de Schmitze Marc, den eis den Trakter mam Unhänger organiséiert hat an eis duerch Duerf gefouert huet.

Op dësem Wee wëlle mir nach drop hiweisen, dass d'Jugend Karsamsdeg den 30. März 2002, wéi all Joer nees Ouschtereeër verkeeft, wou dir natiirlech nach een Ziedel an d'Haus kritt.



Fotoen: BECKER Carole

Bis dann
D'Jugend vu Schieren

# Der "Late-Night-Bus" eine sinnvolle Initiative der "Denkfabrik Nordstad"




## *ZUSÄTZLICHES TRANSPORTANGEBOT MIT VERMINDERTEM RISIKO.*

Mit dem Projet "Late-Night-Bus" wurde im Bereich der interkommunalen und regionalen Jugendarbeit im Raum "Nordstad" eine Initiative ins Leben gerufen, die ihresgleichen sucht und unbedingt verdient hervorgehoben zu werden.

Kaum ein anderes Projekt hat sich bisher wohl mehr um die Sicherheit von Jugendlichen verdient gemacht als der "Late-Night-Bus", der in einer Gemeinschaftsaktion von der "Denkfabrik Nordstad" zusammen mit 12 regionalen Jugendvereinen und 15 Gemeinden sowie mit der Unterstützung von Sponsoren und dem Jugendministerium konzipiert wurde. Ebenso beispielhaft wie die Idee an sich ist auch die übergreifende Zusammenarbeit aller beteiligten Parteien im Sinne des Projektes.

Der Einsatz dieser Jugendbusse kann zweifellos dazu beitragen, das nächtliche Unfallrisiko für die Jugendlichen drastisch zu mindern, so dass sowohl den Interessen und Bedürfnissen der Nachtschwärmer, als auch den oft berechtigten Sorgen der Eltern Rechnung getragen werden kann.

### *ZUSÄTZLICHES TRANSPORTANGEBOT.*

Neben dem Aspekt der Sicherheit bietet der "Late-Night-Bus" den Jugendlichen sowohl im Zentralgebiet als auch in den abgelegenen Dörfern und Ortschaften im Grossraum "Nordstad" einen zusätzlichen Mobilservice mitsamt "Bal" Pendeldienst an. Dass diese Initiative von den Jugendlichen selbst durchaus erwünscht und sogar gefordert wird, geht aus den bisherigen Erfahrungen deutlich hervor.

Die äusserst erfolgreichen Pilotversuche im Mai, September und Dezember vergangenen Jahres sowie im Januar 2002 mit insgesamt rund 500 LNB-Benutzern allein bei den Hinfahrten geben dem Konzept recht. Der durchschlagende Erfolg der vier eingesetzten "Late-Night-Busse" am Karnevalswochenende, mit rund 450 Jugendlichen lässt jedenfalls keinen Zweifel mehr an der Daseinsberechtigung der "Nordstad" Busse zu.


Es muss weiterhin betont werden dass die Rückfahrten bei den jeweiligen Veranstaltungen ebenso zahlreich ausfielen, so dass die definitive Bilanz der bisher insgesamt sechs LNB-Pilotprojektfahrten gut 1600 besetzte Busplätze festhält.

### *ZWÖLF MAL LATE-NIGHT-BUS 2002*

Dank Sponsoren, Jugendministerium und der Unterstützung der Gemeinden (0.25 € pro Einwohner) wurde ein Haushalt von rund 12 500 Euro zusammengetragen, so dass der "Late-Night-Bus" während des Jahres 2002 insgesamt an zwölf Wochenenden zu verschiedenen Veranstaltungen eingesetzt werden kann.

Die Ankündigung der respektiven «Late-Night-Busse» wird gezielt über Flugblätter durchgeführt, die von den betreffenden Jugendvereinen jeweils rechtzeitig vor den Veranstaltungen mit den aktuellen Fahrplänen und Fahrtrouten verteilt werden. Darüber hinaus werden die genauen Informationen und Auskünfte via Internet auf der Hompage www.nordstad.org veröffentlicht.

cp



# VALORLUX

Le recyclage des déchets d'emballages

VALORLUX collecte certains déchets d'emballages en porte-à-porte par des sacs bleus. Les matériaux de déchets d'emballages à l'issue du tri du contenu des sacs bleus sont confiés à des régénérateurs ou recycleurs fiables qui sont des sociétés luxembourgeoises et étrangères qui sont reprises dans la liste ci-dessous.

La liste suivante peut changer en fonction de l'offre et de la demande des matériaux à recycler:

| Matériaux | | Recycleurs/ Régénérateurs | Produits | Applications |
|---|---|---|---|---|
| P (Plastiques) | PET<br><br>PET coloré | Wellman Recycling Spijk (NL)<br><br>Wellman Recycling Spijk (NL) | fibres | chaussettes, rembourrages pour vestes, écharpes, couvertures;<br>Sièges, isolations et tapis pour voitures;<br>Filtres industriels et domestiques;<br>Taps plein |
| | PEHD | Ravago Plastics Virton (B) | Granulat PEHD de haute qualité | emballages (flacons, boîtes, films...) et autres objets en PEHD |
| M (Métaux) | Fer blanc | Arbed Belvaux | profilés, tôles, barres | carroseries, poutres, rails, emballages, jouets, pièces métalliques |
| | Aluminium | Liebaert Senningerberg | lingots | jantes, pièces formées, raviers |
| C (Cartons à boissons) | Cartons à boissons | N & R Kreuzau (D) | papier; PEHD et aluminium; Tectan®* | papier bureau, carton, emballages<br>pièces formées<br>meubles, mallettes, montres |
| Résidus de tri** | résidus de tri | Trienekens Erfstadt (D) | énergies électrique et thermique | réseau électrique; chauffage |

* Plaques obtenues par agglomération à chaud de bryât de cartons à boissons.

** Les résidus de tri ne sont pas recyclés mais valorisés énergétiquement dans une installation conçue pour cette fin.

L'objectif ainsi visé par Valorlux est de garantir le recyclage des déchets d'emballages collectés.

## Collectes sélectives des PMC

**(toutes les communes confondues)**

***Bilan 2001***

### *1. Données générales**

| | |
|---|---|
| Situation au 31.12. 2001 | 65 communes; 198.000 habitants |
| Rendement moyen | 9.34 kg PMC / habitant / an |
| Rendements extrêmes | 3.33 à 13.63 kg PMC / habitant / an |
| Quantité PMC collectée | 1.533 tonnes |

### *2. Composition des PMC**

| Matériaux d'emballage | Composition [%] | Poids [tonnes] |
|---|---|---|
| Plastique | 43.19 | 662 |
| Métal | 25.16 | 386 |
| Carton à boissons | 18.30 | 280 |
| Résidus de tri | 13.35 | 205 |
| Total | 100.00 | 1.533 |

* toutes communes confondues

### *3. Résultats relatifs à votre commune*

voir tableau en annexe

# D'Schoulklasse stelle sech vir

## 1. Schouljoer

Mir sin d'Kanner, déi bei der Joffer Blanche am 1. Schouljoer sin.



v.l.n.r. Eric Schaap, Chiara Antunes Ribeiro, Sara Pinheiro Tavares, Marc Van der Pal, Nuno Pereira Garcia, Patty Wenner, Dylan Guerra Alves, Sandy Wohl, Garson Sonia, Jeremy Berardi, Tatjana Nowotny, Catia Soares Santiago, Pol Hansen, Jeff Nowotny.



(Vläicht kenne sech e puer Leit erëm op dëser Foto)

Eis Joffer (Blanche Elcheroth-Weber) ass och schon hei zu Schiren an d'Primärschoul gaang.
1972/73 war si bei der Joffer Thein am 1. Schouljoer, déi haut hir Aarbechtskollegin ass.



**Mee, elo zereck zu eis.**
Am 1. Schouljoer léiere mir natiirlech liesen, schreiwen a rechnen, mä mir maachen och aner flott Saachen.
Am Januar hu mir eis zesumme mat engem Guide aus dem Naturmusée de Schirener Wanterbësch méi genau ugekuckt. Hei ginn ët nawell schéi Plazen, wou ee kann flott Spiller maachen.

## 2. Schouljoer

vun der Joffer Danielle Nickels



1. Rei v.l.n.r. Daniel Kleer, Tamira Berardi, Gilberto Alves Lopes, Florine Schaillié, Anna-Bella Pereira
2. Rei Michael Pires Dos Reis, Sharon Schaus, Rui Soares de Pinho, Claire Zanter, Daniel Barbosa Fernandes, Sarah Darouah, Kevin Marbes, Katy Fernandes Cardosa

No der Demissioun vun der Joffer Sonja Fetler (déi nach op dëser Foto ze gesinn ass) hunn ech hiert 2. Schouljoer no der Fuesvakanz iwwerholl.
Dëst ass elo meng éischt eege Klass. No 3 Wochen hunn ech mech awer scho ganz gutt agelieft an d'Kanner an ech mir verstinn eis gutt.

## 2. Schouljoer

d'Klass vum Cécile Thein

Léif Léit, mir stellen eis lo vir,
Hei op der Foto, dat si mir.

v.l.n.r.
Wendy Delgado Andrade, Eric Thill, Thibaut Schaillié, Philippe Graff, Steve Simon, Jasmine Waldbillig, Raquel Araujo Almeida, Lynn Origer, Lynn Hilger, Lydie Fuchs, Kevin Da Costa Timoteo, Michèle Kleer



Mir sin all an der 2. Klass,
Bei eis ass ëmmer eppes lass.

De Philippe liest gäer an engem Buch,
Mir hun däer Geschichte jo och genuch.

D'Raquel rechent wiirklech gäer,
Hat wees dat alles och nach mär.

D'Wendy as all Dag fläisseg a frou,
An hat schwätzt franséisch gäer emmerzou.

Eist grousst Lynn schwëmmt wéi e Fësch,
Hat molt a bastelt gäer um Desch.

An der Paus leeft d'Lydie duerch den Haff,
Kuckt mol wéi séier, do si mir all paff.

Am Basket werft d'Jasmine de Ball an de Kuerf,
Eist klengt Lynn rifft:
Dat ka jo kee besser am ganzen Duerf.

Am Fussball as den Eric en As,
Mä och den Thibaut, de Kevin an de Steve hun do eppes lass.

Eist Michèle reit gäer op dem Päerd,
An ët spillt mat sengem Bruder Daniel am Gaart.


Den Thibaut huet och eng Schwester, d'Florine,
Hat kennt dir an däer anerer Klass gesinn.

Mir sin all frëndlech, léif a fein,
Dat seet och eis Joffer Cécile Thein.

Dir gesitt, mir si lauter gudd Frënn,
Äddi, léif Léit, a bis geschwënn.



# Juppiiiiiii d'Schoul brennt


Klassesall

Dat ass e grousse Wonsch vun de Schoulkanner, déi nit gären an d'Schoul ginn. Mais wann d'Schoul wiirklech soll brennen, an d'Kanner sëtzen am Unterricht, ass d'Fro "Wéi kommen ech sou séier eraus?". Jidderee rennt dann egal wou hin, et ëntsteet Panik a Chaos, an deemno wéi ginn et Blesséierter oder Schlëmmeres, wat keen hofft.

Aus deem Gronn maachen d'Pompjeeën déi eng oder aner Schoulübung. Sou eng Übung gouf den 19. Januar organiséiert. D'Schoulkanner goufe virun der Übung vun de Pompjeeën informéiert, wéi si sech an engem solche Fall ze behuelen hunn.



Dee Fluchtwee ass op der Dir vum Klassesall beschriwwen. Dëse Wee an nach aner wäertvoll Informatiounen hunn d'Pompjeeën de Schoulkanner erklärt. Nit nëmmen an der Schoul, mä iwwerall ass et wichteg fir de Fluchtwee ze kennen, zumols op Plaze, wou een sech nit kënneg ass, wéi z.B. an engem Hotel an der Vakanz.

Am spéiden Moien wor et dunn endlech souwäit. D'Schell ass gaang – de Signal dat d'Schoul brennt. D'Kanner ware séier eraus a bal grad sou séier sinn d'Pompjeeë komm fir ze läschen. Dee bësse Reen, deen du gefall ass, ass nit duergaang fir d'Feier auszekréien a sou missten d'Pompjeeën eng Hand mat upaken.

Zum Ofschloss vun dëser Übung, déi e Succès wor, gouf kuerz mam Léierpersonal iwwert d'Übung a Verbesserungsvirschléi geschwat. No der Gruppefoto sin déi lescht Minutten vun deem Samsdeg moien séier verflunn. Am Laaf vum Joër ass nach eng Übung virgesinn, dëss Kéier ouni datt d'Pompjeeë virdrun informéiert hun.



# NEIES VUN DEN MASSENDENGER



No der Bastelaktioun am Advent wollten mir eisen Erléis mat Kanner deelen, deenen et net esou gudd geet, ewei eis. Mir hun Bastelmaterial am Wert vun 185 Euro fir déi kriibskrank Kanner kaaft.
Dest Material soll hellefen, den Kanner hiren Openthalt am nei ageriichten Foyer zou Diddeleng e bessi méi kurzweileg ze maachen. Den 27. Februar 2002 hun mir des Saachen un d'Madame Marie Marthe Bruck, der Presidentin vun der Organisatioun "Een Haerz fir kriibskrank Kanner" iwerreecht.
Eis Massendenger krutten een klengen Video gewiss an hatten d'Meiglegkeet, Froen ze stellen.

# Moien Buet Louis am Neie Joer

*Wéi geet et iech dann esou alleguer*
*Villmols Merci dem Buergermeeschter fir d'Wënsch*
*An him a senger Equipe och alles Guddes.*
*Den Dezember war zimlech stresseg*
*Eng äiseg Keelt a Schnéi hate mir masseg*
*Dat war ee Rennen an ee Laafen*
*Fir alles ze schaffen, ze baken an anzekafen*
*Et muss jo alles gudd präparéiert ginn*
*Dat mir alleguer zefridde sinn*
*Am Buch war allerhand ze liesen*
*Vun engem Veräin mat sengen Auslandsreesen*
*Déi „eeler Hären" ware jo richteg am Schmass*
*Bis se gemierkt hun: wou ass mäi gültege Pass*
*Du si se gelaf an an d'Büroen gerannt*
*An d'halleft Duerf gouf ugespaant*
*Zu Prag si se mat Verspéidung agetraff*
*Mä den Hären hiren Humor an d'Freed war nët gebrach*
*Op engem ronne Gebuertsdag war eppes lass*
*D'Gäscht haten hir Freed an hire Spaass*
*D'Iessen an d'Gedrenks hun geschmacht, et gouf gesongen*
*An duerno op den Dëscher gedanzt a gesprongen*
*50 Joer kritt een jo nëmmen eng Kéier*
*duerfir genéisst et all Dag an ëmmer*
*Haut wëll ech de Veräin Fraen a Mammen beliichten*
*Vun hinnen ass jo allerlee ze beriichten*
*Virun allem musse mir Merci soen*
*All denen déi hëllefen a sech ploen*
*Siew et mam Kapp oder mat den Hänn*
*Well eng gudd Sach ass et dach um Enn*
*En Deel verschenke si vun hirem Erléis*
*Dat ass jo wirklech generéis*
*Mol profitéiere Grousser oder Kanner aus Heemer*
*Déi sech bestëmmt immens doriwwer freeën*
*Do gesäit ee Kanneraan liichten a lachen*
*Dat eleng ass et wäert esou Lachen nozemachen*
*An engem Duerf mat vill Veräiner fällt ëmmer eppes un*
*Déi nächste Kéier am Louis héiere mir dervun*
*Op déi neist Gemengenorichte wäerde mir alleguer*
*Bis dohin alles Guddes an awuer.*

*Marthe Gengler-Huss*

# MIR SPILLEN THEATER !!!

## Den 27. an den 28. Abrëll 2002 spillen d'Schoulkanner aus dem 5. SchouljoerTheater am Schierener Festsall.



Dat éischt Stéck heescht: ***Den éiwegen Sträit*** zwëschen deene vu Fatzbeidel an deene vu Rappdeckel an ass vum Schoulmeeschter Roland Meyer geschriwwen ginn, dee viru puer Joer an eiser Gemeng Schoulmeeschter war.

Dat zweet Stéck dréit den Titel ***Wat gescheit Kanner*** an erzielt vun enger Schoulsituatioun, wou den Här Inspekter onerwäert op Besuch kennt an wou dee Moment alles schif verleeft, wat d'Joffer mat de Kanner anüben wollt. Dëst lëschtegt Stéck ass zesummengestallt vum J. Steichen

Mir spillen de Samsdeg, den 27. Abrell 2002 um 19.30 Auer an de Sonndeg, den 28. Abrell nomëttes um 16.00 Auer. Den Entrée kascht 3 Euro fir déi Erwuessen an 2 Euro fir d'Kanner.

Den Erléis ass fir 'Een Häerz fir kriibskrank Kanner'
Fir eng schéin Tombola, de klengen Honger an Duuscht ass gesuergt.

Luc Mousel, Jos Kempa
(5. Schouljoer A an B)

# SCHIERENER MANIFESTATIONSKALENNER
## fir Abrëll, Mee an Juni

| DATUM | DAAG | MANIFESTATIOUN | ORGANISATOR |
|---|---|---|---|
| 21.04.02 | SONNDEG | 1. KOMMUNIONSFEIER | PORGEMEINSCHAFT |
| 27.04.02 | SONNDEG | CONCERT | MUSEK |
| 30.04.02 | DËNSDEG | 10.00 AUER OKTAVMASS | PORGEMEINSCHAFT |
| 01.05.02 | METTWOCH | 1. MEEFEIER | D'VERÄINER |
| 09.05.02 | DONNESCHDEG | JUGENDTOURNOI | FOOTBALL |
| 11.05.02 | SAMSDEG | BLUMENVERDEELUNGL | GAART AN HEEM |
| 11.05.02 | SAMSDEG | GENERALVERSAMMLUNG | JUGEND |
| 18.05.02 | SAMSDEG | HÄMMELSMRSCH | MUSEK |
| 19.05.02 | SONNDEG | KIERMES AM DUERF | |
| 20.05.02 | MÉINDEG | KIERMES-TOURNOI | D'VERÄINER |
| 02.06.02 | SONNDEG | FRONLEICHNAMPROZESSIOUN | PORGEMEINSCHAFT |
| 02.06.02 | SONNDEG | FÊTE POPULAIRE | GEMENG |
| 08.06.02 | SONNDEG | MAMMENDAGSFEIER | GAART AN HÉEM |
| 14.06.02 | FREIDEG | GENERALVERSAMMLUNG | THEATERFRËNN |
| 16.06.02 | SONNDEG | TURNFEST | TURNVERÄIN |
| 23.06.02 | SONNDEG | NATIONALFEIERDAG | GEMENG |
| 28.06.02 | FREIDEG | GENERALVERSAMMLUNG | FOOTBALL |
| 30.06.02 | SONNDEG | SUMMERFEST | MUSEK |

(SOURCE: FESTKALENNER VUN DER KULTUR AN FESTKOMMISISIOUN)



Commune de Schieren